Grand-Duché de Luxembourg

Commune de
FISCHBACH

Fischbach, le 2 février 2023

Administration de l'Environnement
Unité permis et subsides
Autorisation d'exploitation
abs. de M. Carlo Hippe
1, av. du Rock'n Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

Dossier traité par : Viviane Heuskin
Courriel : viviane.heuskin@acfischbach.lu
Tél. : 32 70 84-42

Betrefft : EIE « Wandpark Mëllerdall »

Wäerten Här Hippe,

Hei drënner fannt Dir d'Umierkungen vum Schäfferot :

1. Anlagentypen :

Mir stelle fest, datt déi gewielten Anlage ëmmer méi massiv ginn.
Beispill : Nordex N149 mat engem Rotorduerchmiesser vu bal 150m (zum Vergläich : dat ass bal déi zweefach Spannwäit vun engem Airbus A380) an enger Nabenhéicht vun 164m, d.h. enger gesamt Héicht vu ronn 239m (zum Vergläich : dräi Véierel vum Eiffeltuerm). Ginn et keng Limitte méi ?

2. D'Ofstänn zur Bebauung :

Trotz den enormen Héichten, wéi virdru beschriwwen, ginn d'Ofstänn zu der Bebauung staark zeréck am Verglach zu fréiere Projeten, bei deenen d'pragmatesch Limit mat méi nidderegen Anlagen bei ronn engem Kilometer louch.
Hei gesäit een elo zum Beispill Ofstänn vun 870m zu Beefort, 770m bei Heeschbrech oder esouguer nëmme 660m bei Kuebebuer.

Wann dës Anlagen esou genehmegt ginn, da wier och nach Plaz fir eng ganz Rei weider Anlage ronderëm Dierfer aus der Gemeng Fëschbech a notamment um Rollengerbierg, wou d'Erschléissung gréisstendeels scho gemaach wier, mä och tëschent Angelsbierg a Schouss, wann de politeschen Drock an den Appetit vu Promoteure wuessen. Am Klimabiergerrot koum rezent d'Propose fir de Gemengen gewëssen Ausbauquoten opzeleeën. Esou Proposen ënnerstëtze mir sécher net.

Wou bleift d'Liewensqualitéit am ländlechen Raum ? Eng Minimum Distanz vun 1000m misst garantéiert bleiwen. Et dierf net sinn, datt Wunngebidder an de Schattenwurf vun esou Anlagen leie kommen.

Grand-Duché de Luxembourg

Commune de
FISCHBACH

3. D'Zuel vun den Anlagen :

Soler geet elo an d'Course mat ganzen 10 Anlagen. Do kommen op alle Fall och nach déi dräi Anlagen an der Äerenzdallgemeng mat dobäi, déi jo scho genehmegt sinn, plus déi 4 um Rollengerbierg, déi an der Commodo Prozedur sinn.

Fëschbech läit exakt tëschent den Anlagen um Rollengerbierg an den Anlage viru Reiland.

Do kommen dann elo déi kumulatiivst Effekter, déi mer och an eisem Avis betreffend de Wandpark Miersch ervirgestrach hunn, an déi vum Promoteur awer erofgespillt ginn. Op alle Fall missten all dës Anlage mat berücksichtegt ginn.

Méiglecherweis — wéi et och am Dossier vum Mëllerdall steet — kéint d'Halschent vun den 10 Anlagen wéinst Ëmweltkrittären net genehmegt ginn. Mat der Héicht vun den Anlagen an de reduzéierten Ofstänn zur Bebauung gesäit ee jo, datt d'Hemmschwellen progressiv falen. Mir erënneren do och un d'Fuerderung vum Deputéierte Paul Galles an der Chamberplenière vum 25. Oktober 2022, fir d'Ëmweltkrittären „unzepassen", fir datt Wandanlagen och kéinten a Bëscher opgeriicht ginn. Wann do net dergéint gesteiert gëtt, ginn d'Krittären grad ewéi z.B. an Däitschland de Fuerderunge vun de Wandpromoteure passend gemaach. Et kann net sinn, datt de Mënsch an d'Natur an dëse Fäll an déi zweet Rei geréckelt gëtt.

4. D'Impakter :

Déi geplangten Anlag zu Beefort stécht eraus, well se déi récksiichtslos Haltung vum Promoteur weist. De Rotor trount matzen iwwer dem Beeforter Schlass. Op dem Simulatiounsbild huet de Grafiker de Bléckpunkt esou gewielt, datt dës Anlag hanner enger Dänn verstoppt gëtt. Dës Anlag läit och an enger Natura2000 Zon. Déi dierft aktuell jo dann och net geneemegungsfäeg sinn.

Wat d'Landschaft, awer och de Schall ugeet, verweise mir op eisen Avis a besonnesch op d'Textpassagen iwwer de Plan sectoriel Paysages an iwwer d'Zones de préservation de grands ensembles paysager, déi een Eent zu Eent hei iwwerdroe kann (s. Kapitel 2, Allgemeine Vorbemerkung S. 3 ; 2.1. Landschaftsbild S. 5 ; 2.2. Schall S.11). Dësen Avis fannt Dir nach emol an der Annexe.

Zur Erënnerung, kuerz ëmrass :

Am Gesetzestext ass d'Haaptzil vun dësen Zonen de Schutz, den Erhalt an de Retablissement vum Charakter an der Liewensqualitéit innerhalb vun dësen Zonen, fir folgenden Effekter entgéint ze wierken : der Fragmentatioun an der Uniformisatioun vun der Landschaft, dem Verloscht vun der Biodiversitéit, dem Wildwuchs vu Strukturen am ländleche Raum, an dem Verloscht vun der Liewensqualitéit. Dës Zone sollen ausdrécklech e Réckzuchsraum fir de Mënsch sinn, wou e sech doheem fillt a sech erhuele kann. Sou steet et am Gesetz. An elo soll een dat emol iwwerdroen op de Bau an de Betrib vun dësen iwwerdimensionalen Industrieanlagen, déi Kaméidi maachen, déi d'Landschaft fragmentéieren an technesch eenheetlech iwwerformen, d'Fauna beanträchtegen an op der Plaz ganz sécher net zur Liewensqualitéit an Erhuelung bäidroen.

Adresse :
1, rue de l'Eglise
L-7430 FISCHBACH
www.acfischbach.lu

Grand-Duché de Luxembourg

Commune de
FISCHBACH

Och d'Avifauna ass am Wandpark Mëllerdall staark betraff : Rotmilan, Schwarzmilan, Schwarzstorch, Feldlerche, Wespenbussard asw. Dat gesäit een am Dossier z.B. op de Säiten 250, 251 an 252 mat Kaarten vun hirer Präsenz.

Mä nom aktuellen Ëmweltnarrativ sinn d'Rotorspëtzten méi ewéi 50m iwwer dem Terrain, woumat d'Anlagen also genehmegungsfäeg sinn, och wa gewosst ass, datt de Milan ouni Problem bis zu engem Kilometer héich flitt. Wou bleift hei den Natur- & Arteschutz ?

5. Gesamtbilanz :

No de puer honnert Säiten vun negativen Impakter kënnt dann eng Säit iwwer presüméiert positiv Effekter, déi e Copy/paste aus dem Mierscher Dossier sinn an déi mer an eisem Avis vum 26. Juni 2020 jo esou zimlech all widderleeë konnten (s. Kapitel 3, S. 21).

An der Gesamtbilanz ginn da grad ewéi beim Mierscher Projet déi negativ Impakter relativéiert an am Verhältnes zu de positiven Effekter als akzeptabel ugesinn. Dës Approche kënne mir net gutt heeschen.

Konklusioun :

Alles an Allem gesäit een an dësem Dossier erëm eng Tendenz, datt d'Hemmschwellen ëmmer weider gedréckt ginn, wou mir eis wierklech d'Fro stellen, op wéi enge Plazen et an e puer Joer iwwerhaapt nach Réckzuchsraim fir Mënsch an Déier wäert ginn. D'Gemeng Fëschbech an hir Nopeschgemengen hunn den Ament nach genuch Réckzuchsméiglechkeeten, déi awer progressiv duerch dës Projeten zerstéiert ginn.

An der Hoffnung, datt eisen Avis zur Kenntnis geholl gëtt, verbleiwe mir

Mat frëndlech Gréiss.

De Schäfferot

Administration Communale FISCHBACH

Adresse :
1, rue de l'Eglise
L-7430 FISCHBACH
www.acfischbach.lu